piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Op enger Manifestatioun an der Stad hunn Demonstranten de Weekend d'Statue vun der Grand-Duchesse Charlotte mat Fändelen agedeckt. D'Monumenter hunn ëmmer eng Symbolik a sti fir Wäerter, déi mir als Gesellschaft wëllen héichhalen. D'Statue vun der fréierer Groussherzogin ass, ënnert Anerem, ee Symbol vun der Resistenz, géint d'Ënnerdréckung vu Lëtzebuerg duerch d'Nazien a fir d'Fräiheet an Toleranz.

Op der Manifestatioun waren och Manifestante mat Plakater ënnerwee, déi dem israeelesche Staat seng Existenzberechtegung oferkennen (Zum Beispill: "There is only one State Palestine forty-eight").

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ginn Denkmaler hei am Land virun esou symboleschen Aktiounen geschützt?
2. Wéi sinn Denkmaler hei am Land viru Vandalismus geschützt?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés